

Résolution

La Chambre des Députés,

– vu le rapport du réviseur des comptes de l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher qui estime que « les comptes annuels [...] présentent sincèrement dans tous leurs aspects significatifs la situation financière de l'Institution au 31 décembre 2021 ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date, conformément à la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État et aux principes comptables applicables à l'Institution tels que définis par les responsables de l'Institution [...] » ;

– vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 5 décembre 2022,

approuve

les comptes de l'exercice 2021 de l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher.

(s.) Diane Adehm.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Diane Adehm. Esou wéi eist Reglement dat virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Budgetskontrollkommissioun virgeschloen huet.

Ass d'Chamber domadder averstanen, dat à main levée ze maachen?

(Assentiment)

Vote sur la résolution

Wien d'accord ass mat dëser Resolutioun, déi d'Budgetskontrollkommissioun virgeschloen huet, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass och dës Resolutioun eestëmmeg ugeholl.

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun un den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher weidergereicht.

7. 8097 – Projet de loi modifiant la loi du 15 décembre 2020 autorisant la participation de l'État au financement des mesures prises en charge par l'assurance maladie-maternité dans le cadre de la crise sanitaire due à la pandémie Covid-19 et modifiant la loi modifiée du 20 décembre 2019 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020

Mir kommen elo zum Projet de loi 8097, eng Upassung vun de Bähëllef vum der Assurance maladie-maternité. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif dann d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, virun zwee Joer hu mir de Projet de loi 7678 hei verofscheet. Bei dësem Virgängerprojet vun dem Projet de loi 8097, dee mer haut diskutieren, gongt et ëm eng Dotatioun vum Staatsbudget un d'Gesondheetskeess, fir d'Käschte vu verschiddene Mesuren am Kader vun der Gestiou vum der Crise sanitaire vum Covidvirus ze iwwerhuelen.

Dëse Projet, deen, ech géif soen, a méi enger labberer Sprooch „de Kassensturz“ geheescht huet, woubäi dëse Begrëff awer net déi ganz Bedeitung vun deem Projet erëmispigelt, war d'Ëmsetzung vun enger Decisioun vun der Quadripartite vum 17. Juni 2020. Do war festgehalleg ginn, datt schnell gehollef misst gi mat Hëllef vum der CNS, an déi Hëllef sollt d'CNS iwwerhuelen, well se iwwert déi noutwendeg Logistik verfüegt a well se schnell konnt hëllefen. An an där Kris war schnell hëllefen, wéi dat esou schéin heescht, duebel hëllefen!

Dës Moosname waren den erweiderte Congé pour raisons familiales, de Congé pour soutien familial an d'Krankengeld, dat während dräi Méint an ab dem éischten Dag ganz vun der Gesondheetskeess iwwerholl gouf, aneschtens wéi dat an der normaler Zäit ass, wou dat bis de 77. Dag vum Employeur iwwerholl gëtt.

Den erweiderte Congé pour raisons familiales fir Eltere vun engem Kand, dat covidpositiv an an der Isolatioun war, oder awer bei enger Quarantän vun engem Kand, huet de Famille vill gehollef. Dëse Congé pour raisons familiales koom zousätzlech zum „normale“ Congé pour raisons familiales derbäi, deen den Eltere jee no Alter vum Kand eng limitéiert Zuel vun Deeg zur Verfügung gestallt gëtt. Dës Mesure ass iwwerengs och de Moment nach en vigueur a gëtt genotzt, wann och wäit manner, well d'Covidinfektiounen net méi esou héich si wéi an där Period, wou se extreem héich waren.

De Congé pour soutien familial fir doheemzebleiwe bei engem Familljemember, dee vun engem Handicap betraff oder fleeegebedürftig ass an deen net konnt normal an enger Struktur betreit ginn, dës Mesure war vun Ufank un an der Zäit limitéiert an ass de 25. November 2021 ausgelaf.

D'Krankengeld, dat während de Méint Abrëll, Mee a Juni 2020 vum éischten Dag un zu 100 % vun der Gesondheetskeess – an net eréischt, wéi virdu scho gesot, no där bekannter Period – iwwerholl ginn ass, ass do ganz vun der Gesondheetskeess iwwerholl ginn. Vu virera war kloer, dass déi Virleeschung vun der CNS géif zum gegebenen Zeitpunkt vum dem Staatsbudget ausgeglaach ginn. D'Dotatioun, déi am Gesetz vum 15. Dezember 2020 virgesi war, louch bei am ganzen 386 Milliounen Euro. Dëse Montant sollt opgedeelt op véier Joer vum Staat un d'Gesondheetskeess erëmbezuelt ginn.

Déi lescht Tranche vun 92 Milliounen (veuiliez lire: 62 Milliounen) war fir 2023, also dat nächst Budgetjoer, virgesinn. Well awer dës Dotatioun op Estimatiounen vum Hierscht 2020 berechent war, war kloer, dass d'Konten nach eemol misste frëschgemaach ginn, an dat maache mer haut. Et ass net eréischt haut gemaach ginn, mee dat wäerte mer haut validéieren, wa mer dëse Projet de loi stëmmen.

D'Erëmbezuelt vum der Virleeschung vum der CNS iwwert de Staatsbudget ass net nei. Mir haten och schonn änlech Situatiounen, mee an deem doten Ausmooss hate mer et nach net.

Am Exposé des motifs vum Projet de loi kënn Der erausfannen, wéi sech déi eenzel Käschtepunkten opdeelen op déi verschidde Leeschtungen, déi d'CNS iwwerholl huet, a bis Enn August dës Joers kommen do insgesamt 436,5 Milliounen eraus amplaz 400 Milliounen, déi am Hierscht 2020 geschat gi waren.

D'Méikäschte vu 36,5 Milliounen an enger éischter Phas, vu dass mer awer de September nach materageholl hunn, gehéicht op 37,5 Milliounen, si virun allem op den erweiderte Congé pour raisons familiales zrëckzeféieren. Dat ass jo déi Mesure, déi am

Moment nach ëmmer gëllt an déi zäitweis an engem ganz groussen Ëmfang huet missen an Usproch geholl ginn.

D'Tranche vun der Dotatioun fir 2023 vun ursprénglech 62 Milliounen gëtt gehéicht, an dat ëm 37,5 Milliounen, wéi virdu gesot, an erreicht dann de Gesamtmontant vun, Här Minister, 437,5 Milliounen (veuiliez lire: 423,5 Milliounen). Richteg? Misst bal klappen.

Eventuell an ofhängeg vun der weiderer Entwécklung vun den Infektiounszeelen an de Covidmesure muss nach e weidere Bilan gezu ginn. Mee dee wäert net méi an deem Mooss an d'Wo falen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den éischte Projet de loi, deen d'CNS fir hir Virleeschungen entschiedegt huet, ass deemools eestëmmeg hei an der Chamber ugeholl ginn. Mir waren all ouni Ausnam ganz iwwerzeugt vun där wichteger Roll, déi eng finanziell gesond Gesondheetskeess an der Covidkris gespilt huet, fir urgent Moosname mat hire Reserve séier an onbürokratesch kënnen virzefinanzéieren an esou eventuell d'Auswirkungen op d'Gesellschaft ofzefieder.

Dofir e ganz grouse Merci un déi, déi dat dote méiglech gemaach hunn, an an alleréischter Linn un déi Responsabel vum der CNS an déi vill Leit, déi derfir gesuergt hunn, dass déi Hëllef matzäit konnten ausbezuelt ginn.

Erlaabt mer, nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass dës Kris gewisen huet, wéi wichteg et ass, dass mer intakt Finanzen net nëmmen an der Gesondheetskeess hunn. Déi sinn et am Moment nach ëmmer. Ech ka mech net erënneren, dass mer jee esou zolidd Reserven haten, op jidde Fall net déi, déi ech konnt iwwerblécken, wéi déi, déi mer haut hunn. An dass mer se brauchen, dat hu mer gesinn! An doniewent gradesou wichteg: gesond Staatsfinanzen, fir der Gesondheetskeess, wa se agräift, dat kënnen erëmbezuelen, wat se u Virleeschungen bruecht huet.

Dat gesot: De Projet de loi ass de 15. November 2022 deponéiert ginn. Den Avis vum Conseil d'État ass den 29. November komm, ouni weesentlech Remarken. D'Kommissioun ass den 8. Dezember zesummekomm, huet de Projet de loi an den Avis vum Conseil d'État analyséiert an huet de Rapport unanime ugeholl.

An ech bieden domat d'Kolleegen heibannen, deen heite Projet mat esou enger breeder Zoustëmmung wéi méiglech ze verofscheeden. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech mengen, hei mat Hëllef vun der Gesondheetskeess hu mer eppes Guddes gemaach a geléiert, wéi een esou Krise kann zesumme bewältegen!

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här President. Och merci dem Här Rapporteur fir säi schrëftleche Rapport, deen exzellent ass mat all deenen Zuelen, déi do dra sinn, wou och en Tableau derbäi ass, deen op den 31. August 2022 geet. Duerno sinn nach Ännerunge komm an et ass och ënnerstrach ginn: Et kënnen nach ëmmer Saache virkommen, bis den endgültigen Dekont ka gemaach ginn. Mee ech mengen, wat ze ënnersträichen ass, ass och dat, wat gesot ginn ass: Déi éischte Kéier, wa mer do d'Krankekeess

net gehat hätten, déi esou séier ageschratt wär, hätte mer déi Mesuren alleguerten net kënnen huele fir de Congé pour raisons familiales an och de Congé pour soutien familial. Dat war alles just méiglech, well d'Krankekeess éischts opgestallt ass, fir dat kënnen ze maachen, well soss wier et och do schwierig ginn.

An ech mengen, dass et och wichteg war, deenen hu mer gehollef, mir hunn awer och der Mutualitéit vun de Patrone gehollef iwwert dee Wee, dass dat dee richtegen Entschluss war, dee mer geholl hunn, mee dat hei ass nach net déi lescht, et géif mech wonnere, Här Minister, mee dat leeft jo nach, an dass mer nach eng Kéier wäerten drop zrëckkommen. Mee de Prinzipp, dee mer deemools alleguerten zesummen arréiert hunn, war dee richtegen. An dafir kann ech och d'Zoustëmmung ginn am Numm vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Spautz. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Mme Carole Hartmann (DP) | Merci, Här President. Et ass elo vu mengem Virriedner souwéi och vum Rapporteur, deem ech Merci soe fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport, alles gesot ginn. D'selwecht wéi d'Virriedner schléisst d'DP sech un a mir stëmmen dëse Gesetzesprojekt natierlech mat.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Hartmann. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Marc Hansen.

M. Marc Hansen (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Och merci dem Här Mars Di Bartolomeo fir säi schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

An och vun eiser Fraktioun aus wëlle mer eng Kéier ervirhiewen, dass effektiv d'CNS hei a Virleeschung gaangen ass, dass se et erméiglecht huet, dass mer wirklech an enger Krisensituatioun konnten eppes ëmsetzen, wat soss net méiglech gewiescht wär. Si huet schnell reagiert an et ass och kloer, dass déi Virleeschung, déi si jo bruecht huet, hei muss iwwert de Staatsbudget dann erëm korrigiert ginn. An dat begrësse mer a mir hoffen, dass de Staatsbudget net nach weider wäert allze vill mat deem System be-
laascht ginn.

Dozou ginn ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Hansen. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Ech géif da gär dem Här Mars Di Bartolomeo en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass alles vu menge Virriedner gesot ginn. Ech géif mech just gär de Mercien, déi den Här Mars Di Bartolomeo engedréckt huet, uschlëssen an ech bréngen d'Zoustëmmung vun der ADR zu dësem Projekt.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Engelen. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Ech mengen, ech hat mech net ageschriwwen, mee ech géif awer profitéieren, fir Merci ze soe fir de Rapport. An natierlech droe mir dat heiten och mat.

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, als Éischt emol e grouse Merci un de Rapportier Mars Di Bartolomeo fir säi gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport.

D'Covidpandemie hat eis deemools e bëssen aus dem Näscht getraff. Mir waren als Land net drop preparéiert. A wéi ech schonn a menger Ried zu de Léieren aus der Pandemie viru Kuerzem hei sot, hu mer déi ganz Situatioun bis op e puer Ausnamen u sech ganz gutt gemeeschtert. Vill Mesurë goufe geholl, fir dës Situatioun, déi nei war, Meeschter ze ginn, dorënner eeben och de Congé pour raisons familiales. An dat war och gutt esou. Och dat muss ee soen. Wann eppes Guddes gemaach gëtt, soll een dat och roueg kënnen soen!

Ech mengen, mir wëssen alleguerten heibannen, firwat dee Congé pour raisons familiales agefouert gouf. Et war an ass eng Mesur, déi vu ville Leit genotzt gëtt, jo, och nach vu ville Leit muss genotzt ginn, well e krankt Kand kann een net einfach sech selwer aleng doheem iwwerloossen. A vun Elteren ze verlaangen, hire reguläre Congé ze notzen, fir bei hirem kranke Kand doheemzebleiwen, an dat matten an enger Pandemie, déi eis alleguerten hei am Land schwéier be-
laascht huet an eis d'Liewe schwéier gemaach huet, wär keng Optioun gewiescht. Dowéinst hu mir Piraten och dës Mesur ëmmer matgestëmmt.

De Congé pour raisons familiales ze stëmmen, ass awer nëmmen déi eng Säit. Dat Ganzt muss jo och finanziert ginn, woumat mer da bei deem haitege Projet de loi ukomm wären. Mir stëmmen haut doriwwer of, dass och 2023 d'Staatskeess soll d'Käschte fir de Congé pour raisons familiales iwwerhuelen. Dofir si 37,5 Milliounen extra am Budget virgesinn an dat fanne mir Piraten och nëmme richtig.

Well wéi am Exposé des motifs ganz richtig gesot gëtt: Och wann d'Zuele vu Covid-19-Fäll dëse Summer relativ niddreg waren a mer och haut gesinn, dass se sech och elo nach an engem, soe mer, gereegelte Kader halen, sou ka sech dat awer erëm nees séier änneren. De Virus ass bekannt fir seng Mutatiounen a glécklecherweis war déi lescht net esou grav wéi déi virdrun. An egal op Mutatioun oder net, de Virus ass nach ëmmer do an e kann och jiddereen nach ëmmer zu all Ablack treffen. Dowéinst muss de Congé pour raisons familiales esou weiderbestoen.

Ee Bemoll wëll ech dann awer op dëser Plaz ubréngen an dat ass d'Äntwert, déi ech an enger rezenter Question parlementaire krut an déi mir net esou bewosst war, Léif Kolleginnen a Kollegen, an dat ass, dass et eng ganz Rëtsch Leit gëtt, déi net vum Congé pour raisons familiales kënnen profitéieren, an dat sinn all déi Leit, déi an Aarbechsmesurë sinn, ob dat e CAE, CIE oder eng OTI ass – ech hu sécher nach e puer Dräi-Buschtawen-Akronymme vergiess. Déi hunn, an dat war d'Äntwert, déi mer vum Aarbechsministère kruten, jo keng Aarbecht. Also, si gi schaffen, si schaffen eppes, meeschters am Déngscht vun der Allgemengheet, mee si ginn net als Salarié consideréiert, si sinn net esou affiliéiert. Deementspreechend kënnen se kee Congé pour raisons familiales huelen.

Elo ass et awer esou, dass dat jo meeschters Leit sinn, déi souwisou schonn an enger vulnerabler Positioun sinn. Wann deenen hir Kanner dann och nach krank sinn, hu se als eenzeg Méiglechkeet, net an hir Aarbechsmesur ze goen, sachant dass, wann een a senger Aarbechsmesur x-mol feelt, dat jo och Konsequenze mat sech bréngt!

An u sech misste mer do eng Kéier als Chamber nobesseren, soit op Initiativ vun der Regierung, soit op Eegeninitiativ. Mee ech mengen, et kann net sinn,

datt Leit, déi à toute fin utile fir sech selwer mengen an och schaffen ... Also, et ass jo net nëmmen e Gefill, dass se schaffen ginn, si gi schaffen, si sinn all Dag ..., si stinn op, si ginn op eng Aarbecht a si schaffen do. Mee se ginn anescht behandelt, wann et drëm geet, dass hir Kanner krank sinn. An ech mengen, dass sollte mer dréngend nach eng Kéier op de Leescht huelen an do nobesseren, well soss hu mer awer hei eppes gemaach fir déi, déi et brauchen, mee mir hunn awer eng ganz grouss Kategorie vu Leit, déi et wirklech brauchen, dobäi vergiess.

Dat gesot wäerte mer dëse Projet matstëmmen an ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Sozialminister Claude Haagen.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Jo, merci, Här President. Merci och den Intervenanten alleguerten an e Merci un de Rapportier fir de schrëftleche Rapport.

Ech denken, dass déi ganz Situation finanziell ugeet, dass de Remboursement ugeet vum Staat par rapport zur Gesondheetskeess an och d'Virgeënsweis, kann nëmme weisen, dass d'Relatioun tëschent dem Staat an der Gesondheetskeess an dësem Fall am Kader vun enger Kris wirklech exzellent gewierkt huet!

Fir op dee kleng Bemoll anzegoen – e klengen, fir d'Leit e grouse Bemoll! –: Do hunn ech och scho mam zoustännegen Minister vun der Aarbecht geschwat. Natierlech hânt et vum Statut of. Och bei anere Statuten hate mer esou Problemer. Mir wëllen dat och op de Leescht huelen. An et wier gutt, wann een an der zoustänneger Kommissioun, vu datt Travail a Soziale zesumme sinn, och eng Kéier kéint doriwwer diskutéieren. Ob een dann zu engem Enn kënnt oder net, dass soll dohinnergestallt sinn, mee et ass déi parlamentaresch Aarbecht, déi een op jidde Fall soll virgesinn.

Et ass och richtig, dass de Rapportier gesot huet, dass de Congé pour raisons familiales nach weiderleef, wéi e virgesinn ass. Dofir ass och mat deenen 99,5 Milliounen, déi am Budget stinn, dass sinn der 37,5 Milliounen plus déi 62, déi all Joer dû waren. Dat heescht, déi lescht Tranche, déi 37,5, dass sinn der 36,5 fir d'Joer 2023 plus 1 Millioun fir d'Joer 2022, plus 1 Millioun par rapport zum September. Well eeben do den Depot vum Budget gemaach gouf, hu mer déi Millioun mat ageflecht, fir wann een d'Zuelen da genau kuckt, och par rapport zu deem Tableau ... D'Explikatiounen, wéi gesot, sinn am Exposé des motifs ganz kloer bewisen an och ugedeit. An och an dem Commentaire des articles gesäit ee ganz kloer, wéi et gerechent ginn ass.

Wat wichteg ass, dass mer hei eng Kéier e Point gemaach hu par rapport zu deene Suen, déi virgeschoss gi si vun der Gesondheetskeess par rapport zum Staat, an dass de Staat, an dësem Fall och d'Finanzen, hiren Engagement gehalen hunn, fir de Remboursement ze garantéieren.

A wéi gesot, beim Congé pour raisons familiales leeft d'Prozedur jo nach weider, soudatt mer och erëm eng Kéier dorobber wäerten zrëckkommen, wa mer hoffentlech eng Kéier par rapport zu Covid-19 den Décompte définitif kënnen maachen, dass dann natierlech an deen nächste Budget wäert aflëssen.

Dofir nach eng Kéier e Merci. An den Essentiel vun dësem Projet de loi ass d'Augmentatioun vum Montant

vum Remboursement vun de Suen, déi virgeschoss gi sinn. Dat sinn 386 Milliounen bis op 423.500.000. An dee Remboursement ass domadder garantéiert zu deenen Zäiten, wou ech elo gesot hunn, an och par rapport zum 2023er-Budget.

E Merci Iech alleguer fir déi breet Zoustëmmung an dann – mat engem leschte Merci un de Rapporteur – soen ech Iech zu gudder Lescht dann nach eng Kéier Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Sozialminister Claude Haagen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8097. Den Text steet am Document parlementaire 8097².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8097 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Georges Mischo (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler (par M. Max Hengel) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti (par Mme Nathalie Oberweis) et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 8100 – Projet de loi modifiant l'article 48B de la loi modifiée du 25 février 1950 concernant l'indemnisation des dommages de guerre

Dee leschte Punkt um Ordre du jour vun dëser Woch ass de Projet de loi 8100 iwwert d'Entscheidungeng vun

Krichsschied. Mam Accord vun der Kommissioun gëtt no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An ech ginn elo direkt d'Wuert un de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Dan Kersch (LSAP), rapporteur | Merci, Här Président. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 8100, deen elo hei op der Dagesuerdnung ass, ännert een Artikel am modifiéierte Gesetz vum 25. Februar 1950 iwwert d'Indemnisation des dommages de guerre of. Méi genee geet et ëm d'Definitioun vum Berechnungsmechanismus fir d'Upassung vun den Entschieedegunge fir d'Dommages de guerre. Bis elo goufen dës Upassungen iwwert de Wee vun engem groussherzogleche Règlement virgeholl, parallel an nom nämmelechte System wéi bei de Pensiounen.

Enn d'lescht Joer huet de Staatsrot allerdéngs a sengem Avis iwwert esou e Règlement grand-ducal bemierkt, dass d'Gesetz vum 25. Februar 1950 keng kloer an adaptéiert legal Basis géif bidden, fir d'Upassung vun den Indemnitéiten iwwert e groussherzogleche Règlement ze maachen, an huet dofir gefrot, dass dat an Zukunft sollt iwwert e Gesetz gemaach ginn.

Déi anscheinend feelend legal Basis gëtt also dann haut mat dësem Projet de loi 8100 geschafen an d'Modalitéite fir d'Berechnung vun engem Koeffizient fir d'Upassung gëtt prezis fixéiert.

Festgehal gëtt dës fir d'Joer 2022 mat engem Koeffizient vu 84,0 an deen ass dann och d'Basis fir weider Berechnungen an deene Joren duerno.

Fir déi, déi méi genau wëlle wëssen, wéi dat technesch iwwert d'Bün geet, kann ech nëmme recommandéieren, den Exposé des motifs ze liesen, wou dat ganz genau erkläert gëtt.

Et sief nach gesot, dass aktuell 55 Dossieren, dat huet de Minister eis an der Kommissioun erkläert, ännert dës Bestëmmunge falen.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 29. November 2022 mat enger gewëssener Satisfaktioun festgestallt, dass de Gesetzesprojet domadder sengen Oppositionen a Kriticke géif nokommen, déi hien an dëser Saach formuléiert huet, an huet soss keng Bemierkungen oder Kriticke formuléiert.

Nach e puer Donnéeën zur Prozedur: De Projet de loi gouf de 16. November 2022 vum Minister fir sozial Sécherheet deposéiert an den Dag drop an d'Kommissioun fir Aarbecht a sozial Sécherheet verwisen. Den Avis vum Staatsrot koum den 29. November 2022. Den 8. Dezember huet d'Kommissioun de Projet de loi presentéiert kritt, de Rapporteur ass genannt ginn an den Avis vum Staatsrot gouf analyséiert. An der selwechter Reunioun gouf och de Rapporteur bestëmmt.

D'Kommissioun hat och, wéi Dir et gesot hutt, Här President, proposéiert, fir dëse Projet de loi u sech, well dee just eng Formalitéit ass, ouni Diskussioun direkt zum Vott kommen ze loossen.

An domadder ginn ech dësen däregen Dossier, deen awer a Wierklechkeet kee richteg gepickt huet, an Är Hänn zrëck, Här President.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Rapporteur Dan Kersch.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Sozialminister Claude Haagen.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Jo, merci un de Rapporteur fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport a merci fir déi breet Zoustëmmung.

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Minister.

Da komme mer elo direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8100. Den Text steet am Document parlementaire 8100².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8100 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8100 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mmes Elisabeth Margue (par Mme Octavie Modert), Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Paul Schaaf), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary (par M. François Benoy), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti (par Mme Nathalie Oberweis) et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir haut ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 20., 21. an 22. Dezember virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 15.44 heures.)